LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 26 mai 2021

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

Objet: **Réponse commune de Monsieur le Ministre des Cultes, de Monsieur le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche et de Madame la Ministre de la Famille et de l'Intégration à la question parlementaire n°4173 posée le 28 avril 2021 par l'honorable Député Monsieur Marc GOERGEN concernant la discrimination sur la base de l'orientation sexuelle.**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Ministre des Cultes

**Gemeinsam Äntwert vum Här Kultusminister, vum Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung a vun der Madamm Minister fir Famill an Integratioun op d'parlementaresch Fro n°4173 vum 28. Abrëll 2021 vum Honorabelen Deputéierten Marc GOERGEN.**

1) Der Regierung ass net bekannt, datt et schonn en änleche Fall wéi dem a Bayern zu Lëtzebuerg ginn hätt.

   An der Conventioun mam Centre Jean XXIII geet et virun allem dorëms, fir Fuerschung a Formatiounen an enger dialogbereeter an interdisziplinarescher Approche an den Domäner vun der Philosophie, den Theologien, de Reliouns- an Humanwëssenschaften oder och der Soziologie unzebidden, déi am Kader vun der *Luxembourg School of Religion and Society* ëmgesat ginn. Domat gëtt och de Spektrum an der Lëtzebuerger Fuerschung beräichert an erweidert, esou wéi dat och an änlechen Instituter am Ausland de Fall ass.

   D'*Luxembourg School of Religion and Society* huet des Weideren de 26. September 2019 d'Charte de la Diversité Lëtzebuerg ënnerschriwwen a sech domat engagéiert, déi Prinzipien ëmzesetzen.

2) An Zesummenaarbecht mat néng anere Ministèren, der Zivilgesellschaft an de nationale Mënscherechtsorganisatioune gouf 2018 den éischte nationalen Aktiounsplang ausgeschafft fir d'Rechter vun de lesbeschen, schwulen, bisexuellen, transgeschlechtlechen an intergeschlechtleche (LGBTI) Mënschen ze stäerken. Dësen Aktiounsplang huet eng global Approche fir d'Diskriminatioune géint LGBTI Mënschen an de verschiddene Liewensberäicher ze bekämpfen. Dat sechst Kapitel behandelt méi generell de Kampf géint Diskriminatiounen, Haassverbriechen an Haassrieden. De Plang gesäit verschidden Aktioune vir, fir zum Beispill de legislative Kader ze stäerken, besser géint Haassriede virzegoen an d'Ëffentlechkeet ze sensibiliséieren.

   An deem Kontext erënnert d'Regierung och drun, datt de 17. Mee 2021 d'ILGA Europe hir 2021 Editioun vun der *Rainbow Map* devoiléiert huet, wou Lëtzebuerg e Score vun 72% krut a sech domat op Plaz 3 vun 49 Länner befënnt.